I-2003-O-M-2976 (1(-16(C)

**Projet de loi N° 5130**
**Dépôt : M. Jean Colombera**
**17.7.2003**

5

# Motioun

D'Deputéiertechamber,

stellt fest, datt ëmmer méi mannerbemëttelt Persounen Problemer hun, fir Dokteschtarifer ze bezuelen, an d'Doktere lang Prozeduren mussen aleede fir zu hirem Recht ze kommen ;

stellt fest, datt eng Rei krank Leit aus finanzielle Grënn sech net behandele loossen,

sech bewosst, datt alle Bierger den Zougang zur medizinischer Betreiung garantéiert gi muss,

beméit, den Assuréen vun de Krankekeessen déi administrativ Weeër ze erliichteren ;

sech bewosst, datt de Prinzip vum Tiers payant a verschidde Bereicher am Krankekeessewiese schon besteet,

fuerdert d'Regierong op

gesetzlech Dispositounen ze schafen, déi de Prinzip vum Tiers payant och am Kader vun den Dokteschtarifer integral afféiert.

J. Colombera G. Gibéryen R. Mehlen J.-Y. Henckes A. Jaerling